



Positiounen Piratepartei Lëtzebuerg

Bildung

1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschaffen?

An de leschte Joren huet d'Uni.lu ganz interessant Fuerschungsaarbecht gelescht am Domaine vun der Gläichstellung an de Bildungsprogrammer. Et gouf kloer gewisen, dass an de Schoulbicher, déi am Fundamental um Programm stinn, Geschlechterstereotype leider ëmmer nach ganz dominant sinn. Gläichzäiteg koum eraus, dass Persoune mat Handicap an/oder net-wäisser Hautfaarw extrem ënnerrepresentéiert sinn an dës Persounegruppen net transversal iwwert all d'Schoulunitéite verdeelt virkommen, mee just dann, wann de Sujet vum der Multikulturalitéit oder vum Handicap thematiséiert gëtt. Dat muss sech änneren. Dës Etude an och eng entsprechend Fuerschungsaarbecht fir de Secondaire, un där aktuell nach geschafft gëtt, bidden en ëmfänglechen Iwwerbléck doriwwe, wou déi aktuell Schwaachstelle leien. Dës Etude sollen dofir als Ausgangspunkt genotzt ginn, fir a weiderer Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg d'Schoulprogrammer an d'Schoulmaterial unzepassen.

Gläichzäiteg ass et wichteg d'Personal weider ze sensibiliséieren. Net all d'Schoulmaterial muss obligatoresch am Unterrecht verwäert ginn an d'Enseignanten hunn duerchaus d'Méiglechkeet eegent Material an hire Couren anzebréngen. Dofir ass et wichteg, iwwert de Wee vu **Formations continus** d'Personal ëmmer nees mam Sujet vun der Gläichstellung an dem Vermeide vun diskriminéierenden Inhalter a Kontakt ze bréngen.

Et ass wichteg, dass d'Enseignantë bei der Gestaltung vun hire Coure gewësse Fräiheete genësse kënnen, mee gläichzäiteg kann een esou ni ganz ausschléissen, dass net awer an där enger oder anerer Klass diskriminéierend Inhalter am Unterrecht optauchen. **Dofir sollt een eng ministeriell Ulaftstell ariichten, bei där Persounen, deenen diskriminéierend Schoulinhalter opgefall sinn, sech kënnen mellen.** Esou géif d'Zivilgesellschaft agebonne ginn an diskriminéierend Inhalter kéinte méi séier entdeckt an doropshin aus de Couren eraus geholl ginn, wéi dat bis elo de Fall ass.

2. Wéi wëll Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?

D'Etude vun der Uni Lëtzebuerg, déi sech mat der Representatioun vu Geschlechter am Schoulprogramm beschäftegen a weisen, wou nach Ongläicheete bestinn, sollen als Ausgangspunkt genotzt ginn, fir eng ëmfaassend Upassung vum Schoulprogramm a -material. Den neie Programm soll geschlechterparitéitesch opgestallt ginn an dobäi och e besonnescht Aemierk drop leeën, d'Aarbecht vu queere Persounen, Mënsche mat net-wäisser Hautfaarw an och vu Persoune mat Handicap ze valoriséieren.

3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?

Jo. D'Léierpersonal huet vill Gestaltungsspillraum, wann et ëm d'Ausschaffe vun de Schoulstone geet. Dat ass wichteg, fir ze garantéieren, dass d'Couren individuell vun d'Schüler aus der Klass ugepasst kënnen ginn, limitéiert awer och d'Lenkungswirkung, déi d'Politik eleng duerch Schoulprogrammer huet. Dofir ass et wichteg, dass genderspezifesch Aspekter net nëmme beim Opstelle vum Programm consideréiert ginn, mee och an de Formatioune virkommen. Esou gëtt dozou bäigedroen, dass d'Léierpersonal och bei der konkreter Preparatioun vun de Schoulstone genderspezifesch Aspekter net vernoléisst.

4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?

D'Deseskalatioun, d'Gewaltpreventioun an d'Erkennung vun Unzeeche fir Gewalt bei Affer grad ewéi d'Erkennung vu Gewaltbereitschaft bei potentiellen Täter sollte systematesch en obligatoresche Bestanddeel si vun de Formatioune vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal, - an och vun den Ausbildung vum Léierpersonal a vun der Educateursausbildung.

5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?

Grad bei jonke Kanner kann een ëmmer nach beobachten, dass sech mam Antrëtt an de Schoulalter Rolleverständnisser mat Bezuch op d'Geschlechter erausbilden. Am Spill mat de Kolleegen an der Schoul an am Kader vun der non-formeller Bildung gesäit een nach ganz vill Kanner, déi sech u Geschlechterstereotypen halen a soen, dass bestëmmte Spillsaachen a Faarwe „nëmme fir Meedercher“ oder „nëmme fir Jonge sinn“. Nëmme doduerch, dass een dës Virurteeler direkt uschwätzt an de Kanner wéisst, dass et z. B. eigentlech keen objektive Grond dofir gëtt, dass ee Spillsaachen oder Faarwen engem Geschlecht soll zouerdnen, kann een dozou bäidroen, dass sech dës Virurteeler net zementéieren. Den nationale Kaderplang fir d'non-formell Bildung gesäit an dësem Beräich scho vir, dass Aktivitéite solle gemaach ginn, mee et ass awer onkloer, wéi dës Kader-Plang um Terrain tatsächlech ëmgesat gëtt. Reegelméisseg onugekënnegt staatlech Kontrollen, bei deene Plans de Prise en Charge mat konkreten Oplëschtunge vun den Aktivitéite vun de vergaangene Woche kéinte gefrot ginn, wieren hei eng Méiglech Piste, fir besser evaluéieren ze kënnen, wat de Kaderplang tatsächlech bréngt.

Iwwerdeems solle Projeten, déi d'Zil hunn eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung eranzebréngen projetsbezunne **staatlech Finanzéierungen** erhale kënnen, fir d'Zivilgesellschaft ze encouragéieren an dësem Feld aktiv ze ginn.

Aarbecht

6. Wéi wëll Är Partei de berengte Gender-Pay-Gap ofschafen?

Fir eis Pirate muss **d'Transparenz bei Salären an de Betriber verpflichtend** gemaach ginn. Dëst net nëmmen am Betrib mee och ausserhalb an der Form vu méi präzisen anonymen Statistiken. Nieft der Transparenz brauch et och **Kontrollen duerch CCSS a ACD** ob **rechtlech Dispositionen** zu gläicher Paien agehale ginn.

7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?

All Arbechtszäitreduktioun muss zesumme mat de Sozialpartner beschwat ginn. D'Pirate sinn oppe fir dëse Sujet, hunn sech awer nach keng Parteipositoun ginn a wéi wäit esou eng Reduktioun ka goen

8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?

Frae kréie statistesch gesi méi kleng Rente wéi Männer an hunn och méi eng laang Liewenserwaardung. Dat féiert dozou, dass vill Fraen am Alter Wittfra sinn, just eng kleng Pensioun kréien, well hier Care-Aarbescht net finanziell valoriséiert gëtt, an dann och nach an d'Steierklass 1A falen. D'Pirate setzen sech dofir säit laangem dofir an, dass d'Steierklass 1A soll ofgeschaaft ginn an déi concernéiert an **d'Steierklass 2** solle kommen. Zousätzlech fuerdere mir d'Aféierung vun engem **Grondakommes** iwwert de Wee vun enger negativer Akommessteuer a setzen eis fir de bore **Chèque-service-acceuil** an, deen un Elterendeeler soll ausbezuelte ginn, déi hir Kanner versuerge, fir dës Care-Aarbecht ze valoriséieren an den Elteren de Choix ze loossen, ob si de Chèque-service-acceuil fir eng Betreuungsstruktur wëllen notzen oder fir berufflech kënnen méi kuerz ze trieden.

9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?

Jo, iwwert de Wee vun enger negativer Akommessteuer.

10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreierung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwach Géigenden an Elteren, déi op den öffentlichen Transport ugewise sinn)?

Aktuell sinn d'Waardelëschte fir Plazen a Maison relaiën a verschiddene strukturschwach Gemengen vill ze laang. Hei muss de Staat de Gemengen dréngend ënnert d'Ärem gräifen duerch eng méi héich finanziell Bedeelegung bei de Bau-/Renovationskäscht fir nei séier méi Gebaier fir d'Kannerbetreierung accessibel ze maachen.

Zousätzlech musse staatlech Betreuungsstrukturen ageriicht an un den öffentlechen Transport ugeschloss ginn, déi och ausserhalb vun den Hauptverkéiers-Stousszäiten erreechbar sinn a méi laang op hunn, fir Persoune mat onregelméissegem Aarbechtszäiten.

Niewent de Crèche an de Maison relaise soll och de Beruff vun der Dagesmamm/-papp nees méi valoriséiert ginn. Hei sinn an de leschte Jore vill Betreuungsplaze verluer gaangen, well sech dës Aktivitéit fir d'Dagesmammen a -pappen net méi rentéiert huet. Hei muss de System vun de Chèque-service-accueil esou ugepasst ginn, dass en och fir dës Betreuungsform esou kann agesat ginn, dass Dagesmammen a -Pappe vun hirer wichteger Aarbecht liewe kënnen.

Och hei erëm d'Fuerderung nom bore Chèque-service-accueil, deen un Elterendeeler soll ausbezuelt ginn, déi hir Kanner versueren, fir dës Care-Aarbescht ze valoriséieren an den Elteren de Choix ze loossen, ob si de Chèque-service-accueil fir eng Betreuungsstruktur wëllen notzen oder fir berufflech kënne méi kuerz ze trieden.

Famill

11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezeichnung "Pappecongé") verlängeren?

E Gebuertscongé vun 3 Méint fir Pappen a Mammen deen no der Gebuert vun engem Kand parallel zum Congé de Maternité geholl kéint ginn, géif et béiden Elteren erméigleche vun Ufank un bei hirem Kand ze sinn an dobäi déi domat verbonnen Aufgabe vun Ufank fair ze deelen. Esou kann een net nëmme bessere Bonding erméigleche mee och de Gender-Pay-Gap reduzéieren.

12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?

Duerch d'Aféierung vun der Steuerclass 2 fir jiddereen an engem Grondakomes a Form vun enger negativer Akomessteuer. Et mussen och gezillt Aiden a Punkto Logement fir sozial akommesschwaach Monoparentaux kommen, wou een onbürokratesch ka kréien. D'Förderung vun der Kreeslafwirtschaft kéint hei och hëllef. Zum Beispill duerch Projete fir Kannerkleedung ze flecken, respektiv weider ze verschenken.

13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?

Jo. Fir esou méi jonk Familljen z'iwwerzeegen, fir politesch aktiv ze ginn. Am Moment ass Politik a Privatliwen zimmlech schwierig fir Familljen ënnert een Hutt ze bréngen a wuel och ee Grond wisou esou vill eeler Hären um Krautmaart setzen.

Gesondheet

14. Wëll Är Partei „Endometriosis“ als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?

Jo.

15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?

Affer vu sexueller, geschlechtsspezifischer oder gynekologescher Gewalt soll de Kontakt mat Professionellen (d. h. der Police, Dokteren a Psychotherapeuten) esou einfach ewéi méiglech gemaach ginn. Dofir sollt och zu Lëtzebuerg, esou wéi dat am Ausland schonn de Fall ass, e **spezielle Gesondheetszentren opgoen**, wou Persounen, déi eng Plainte wëlle maachen oder Rot oder eng medezinesch Consultatioun brauchen, déi mam Sujet vun der sexueller, geschlechtsspezifischer oder gynekologescher Gewalt zesummenhängt, Hëllef fanne kënnen an enger Ëmgebung, déi net esou kal a steril ass ewéi beispillsweis an engem Spidol. All d'Servicer vun der Plainte bis zur medezinescher Versuergung an der psychologescher Prise en charge kéinten esou op enger Plaz ugebuede ginn, wou d'Affer sech sécher spieren.

16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeelee vu Menstruationsprodukten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?

Jo. A méi generell an allen öffentlech geréierten Toiletten

17. Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% rembourséiert. Wëll Är Partei den Alter fir vun dësem Remboursement ze profitéieren erop setzen?

Jo. D'Pirate fannen, dass Verhütungsartikele fir all Alter, déi an der Aptikt kaf ginn, sollte rembourséiert gi – och Kondomer. Iwwerdeems sollten d'Pëll an de Vaginalrank no enger Berodung duerch den Apdikter rezeptfräi sinn esou wéi et aktuell jo schonns bei der „Pëll-dono“ de Fall ass.

Politik a Gesellschaft

18. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeë sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

De Staat misst d'Erhiewung vu genderspezifischen Donnéeën als Voraussetzung fir e Finanzement vun Etudë festleeën. Ausname sollen nëmme méiglech sinn, wann d'Etude sech mat engem Beräich befaasst an deem et noweislech keng genderspezifischen Donnéeë gëtt.

19. Wéi wëllt Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

Scho beim Ausschaffe vum Budget misst enk mat Fuerscher-innen aus dem Beräich vun de Genderstudies zesumme geschafft ginn. Zousätzlech misst en **onofhängege Gremium** geschafe gi mat Wëssenschaftler-innen a Repräsentanten-innen aus der Zivilgesellschaft, déi sech fir Geschlechtergläichheet asetzen, deen obligatoresch nom Depot vum Projet de Loi en onofhängegen Avis zu dësem Projet misst virleeën.

20. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

Hei kënne mir keng weider Positiounen nenne wéi déi déi mir a villen anere Froe vun dësem Questionnaire scho genannt hunn.

21. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?

D'Pirate fuerdere säit laangem, **dass de Staat méi misst bauen a fir 10 Euro pro Meter Carré sollt verlounen**. De Staat dierf net weider Benefice um soziale Wunnengsmaart maachen. Zousätzlech muss de Privatmarché agebonne ginn an et muss verhënnert ginn, dass Bauland weider Broch läit. Dofir hunn d'Piraten och eng Gesetzesproposé fir eng **Grundsteuer fir eidelstoend Terrainen** an der Chamber deposéiert.

22. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht fërderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?

De Service InfoMann war een éischte wichtege Schrëtt, fir d'Jongen a Männer ze sensibiliséieren a Gewaltakten ze verhënneren. An den Ae vun de Piraten, ass Preventioun ëmmer eppes, wat sollt vu jonkem Alter un promouvéiert ginn. Esou soll nach méi an de Schoulen iwwert häuslech Gewalt awer och Geschlechter spezifesch Gewalt geschwat ginn, fir dass déi Jonk léieren, wéi eng Méiglechkeeten et gëtt, fir sech ze schützen awer och, wat ee ka maachen, fir net Täter ze ginn. De psychologeschen Déngscht an de Lycéeë muss hei mat agebonne ginn.

23. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?

Mir fuerderen d'Aféierung vum bore Chèque-service-acceuil, deen un Elterendeeler soll ausbezuelte ginn, déi hir Kanner versuerge, fir dës Care-Aarbescht ze valoriséieren an den Elteren de Choix ze loossen, ob si de Chèque-service-acceuil fir eng Betreuungsstruktur wëllen notzen oder fir berufflech kënne méi kuerz ze trieden an d'Betreiung da selwer ze iwwerhuelen. Zousätzlech wëlle mir de Congé fir de Partner/d'Partnerin no der Gebuert verlängeren, fir esou dozou bäizedroen, dass d'Care-

Aarbescht vun Ufank un méi gläich an der Koppel verdeelt ka ginn, esou dass sech ongläich Verdeelungen net schonns direkt no der Gebuert verfestege kënnen.

24. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze fërderen?

Als kleng Partei ass et schwéier, fir Leit ze fannen déi sech wëlle politesch engagéieren - egal wéi ee Geschlecht. Mir Piraten hunn eis 2018 decidéiert fir all Kéiers 2 Porte-parolen amplaz een eenzege President un d'Spëtz vun eiser Partei ze stellen. Mir maachen dann och mat beim Programm StraRecCa vum Chancëgläichheetsministère mat.

25. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum verréngeren?

Hei kënnen mir keng weider Positionen nenne wéi déi déi mir a villen anere Froen vun dësem Questionnaire scho genannt hunn.

26. Wéi wëllt Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?

Laangfristeg muss d'Verkéierspolitik déi douce Mobilitéit an de Mëttelpunkt setzen a fortomme vun enger Städteplanung, wou den Auto, den Zuch an de Bus, mat deem ee mueres op d'Aarbescht fiert an Owe erëm Heem fiert dominéieren. Eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik muss och d'Care-Aarbescht an déi domat verbonnen Deplacementer berécksiichtegen. Créchen, Schoulen a Liewensmëttelgeschäfte genee ewéi de Verkéier tëscht den Dierfer mussen genee esou gutt ausgebaut gi wéi de Wee bis an de Büro.

Aussepolitik

27. Wéi wëllt Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?

Mir Pirate stinn dozou, dass d'feministesche Aussepolitik muss een Eckpfeiler vun eiser Kooperatiouns- an Aussepolitik sinn. D'Lëtzebuergesch Kooperatiounspolitik baséiert vill op der Verdeelung vu **Mikro-Kreditter bei deenen traditionell Fraen d'Zilgrupp sinn. Dës Politik muss bäibehale ginn.** Gläichzäiteg muss Lëtzebuerg sech no Covid a sengen Partnerlänner dofir asetzen, dass d'Kanner - haaptsächlech Meedercher a Kanner mat Handicap - déi d'Schoul während dëser Zäit ofgebrach hunn, erëm de Wee zréck an d'Schoule fannen. D'Unseco schätzt, dass fir all Dollar, deen an d'Bildungssystemer fléisst, herno 10 bis 15 Dollar méi am PIB bedeuten. Dofir mussen weider Gelder a Projete wéi dem Global Partnership for Education fléissen.

28. Wéi wëllt Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?

D'Piraterpartei fuerdert, datt Homosexualitéit, Transsexualitéit an hier Persecutioun am Ausland als Asylmotiv unerkannt gëtt. Aktuell Reegelingen an dëser Hisiicht sinn net wäitreechend fir Persounen Asyl zu Lëtzebuerg z'accordéieren, wann se wéinst dësen Eegenschaften an hirem Heemechtsland verfollegt ginn. Lëtzebuerg an d'EU muss déi néideg Prozedure schafen, datt all Persoun, déi ënnert dem Risiko steet wéinst hirer sexueller Identitéit oder hirer Sexualitéit verfollegt ze ginn d'Protektioun vum Asyl ze ginn. Länner déi dëst net maachen, sollen duerch de Rechtstaatlechkeetsmechanismus bestrooft ginn. Fir Konfliktsituatiounen ze vermeiden an de physesche souwéi och psychesche Wuel vun de Betreffenen ze garantéieren, fuerderen d'Piraten d'Schafung vun engem Foyer resp. engem ofgetrennte Beräich an enger bestoender Infrastruktur, wou LGBTIQ-Mënschen ënnerkomme kënnen, wann d'Situatioun et noutwenneg mécht.

Kultur

29. Wëllt Dir paritéitesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler*innen (finanziell a wat d'Repräsenzanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?

D'Pirate si géint ee Quote System dee verschidde Kënschtler*innen anere géing bevirdeelegen.

30. Wëll Är Partei geziilt d'Schafe vu weiblichen, queeren a benodeelegate Kënschtlerinne fërderen?

D'Pirate si géint ee Quote System dee verschidde Kënschtler*innen anere géing bevirdeelegen.